# DENG SYPROLUX-KANDIDATEN AUS DEM SERVICE MAINTENANCE INFRASTRUCTURE (MI)



**JIL BATTISTA**
MI



**NELSON GOUVINHAS COSTA**
MI



**PAULO CORREIA**
MI



**ANDRÉ DHUR**
MI



**FRÄNZ DUHR**
MI




**TOM HAUPERT**
MI



**ALFRED KRÄMER**
MI



**MARC LANGERS**
MI



**ED MALLINGER**
MI



**LUC MEYER**
MI



**DIOGO PRATA**
MI



**MARC SCHWARTZ**
MI

Als SYPROLUX fuerdere mer:

**A punkto Beruff & Karriär**

- D'Unerkennung vun der Meeschterkaart an all Spart vum MI
- d'Aféiere vum grousse Primesaz fir d'Kollegin:nnen op de Feierdeeg- a Nuetsschichte fir d'Kollegin:nnen, déi Tiercé an engem Tableau de Service schaffen
- eng zäitgemäss Upassung vum Primesystem
- d'Iwwerschaffen an d'Finaliséiere vun der Astreinte (IG15 +IG33) ouni nach wder Abousse fir di Betraffen
- datt wärend der Astreinte eng onënnerbrache Rouzäit vun 10 Stonne garantéiert ass
- e permanente Suivi an Optimiséierung vun den Tableaux de Service
- eng Opwäertung vun de I an A Karriären, duerch d'Aféiere vun engem Primesystem op d'Missioune vum Agent bezunn
- eng adäquat Unerkennung vun zousätzleche Missiounen ewéi (Motra, ADEC)
- kloer a uniform Reegele fir d'Attributioun vun engem „poste à responsabilité particulière", déi een als Agent kann no liese goen
- d'Attributioun vun der gesamter Unzuel vu Punkte fir d'Préposé technique, déi op engem poste à responsabilité particulière sinn. D'Argument, datt de Pàrp an engem Grad mat dran ass, hält zënter der leschter Erhéijung vun der Majoratioun ëm 5 Punkten d'Strooss net méi, besonnesch net an enger Karriär, wou net nëmmen en Nominatiounsgrad ofgeschaaft gouf.
- eng securiséiert Plattforme, wou een déi neisten Versioun vu sämtleche Fiches de poste ka consultéieren

**A punkto Recrutement a Personalbestand**

- datt déi Eisebunnsspezifesch Beruffer fir den MI sollen an de Schoule promouvéiert ginn
- datt sech méi em Léierbouwen a Léiermeedercher beméit gëtt
- datt bei de Journées de recrutement Mataarbechter vum Terrain am MI mat deelhuelen, fir esou hier Beruffer kenne virzestellen
- datt d'Formatioun de base an d'Formation continue an all de Sparte vum MI optimiséiert ginn an en aktiven Austausch tëschent de Formateuren aus deene verschiddenen Branchë ka stattfannen
- Datt den Effectif de reelle Besoin'en um Terrain ugepasst gëtt. Dëst gëllt besonnesch an deenen eenzelnen Ekippen, wou dacks e Manktem u Leit ass, déi 100% asetzbar sinn



**12 STËMME FIR DE SYPROLUX**

**LËSCHT 5**

# Wat der zu de Sozialwalen an zu de SYPROLUX-Kanditat:innen wësse sollt




## SERVICE MI

**12 STËMME FIR DE SYPROLUX**



**LËSCHT 5**

### Sozialwalen 2024 – wichteg Upassungen

1. All Agent, deen am Service MI affektéiert ass a schafft, geet och am Service MI wielen. An zwar onofhängeg vun senger Karriär an sengem Grad. Di vereelsten Reegelung, datt méi héich gradéiert Agente sollen an de Services Centraux mat wiele goe fält domadder ewech. Dës Ännerung, déi op Grond vun engem Virschlag vum SYPROLUX agefouert gouf, huet zesumme bruet, wat zesumme gehéiert. Esou gëtt eng gemeinsam Populatioun beim Chef de Service vertrueden.
2. All Agent aus dem Cadre Hors Statut huet d'Recht a sengem Service mat wielen ze goen. Och dës Fuerderung vum SYPROLUX, déi Bestanddeel vun eisem Schreiwes fir eng méi gerecht an attraktiv Personalvertriedung, gouf ëmgesat. Och d'Mataarbechter:innen aus dem Cadre Hors Statut gehéieren zum Zesummeliewen a Schaffe vun engem Service an och si hunn e Recht op eng éierbar Personalvertriedung.

### SYPROLUX-Kandidat:innen

- am Service MI triede mer mat 12 Kandidat:innen un
- den Altersduerchschnëtt vun eiser Leschtläit bei 43,75 Joer
- op der MI-Lëscht trëtt eis jéngsten Kandidatin un, an zwuar d'Jil Battista mat 20 Joer
- 5 Kandidat:innen ginn eng éischte Kéier mat an d'Rennen.

Et ass deemno eng equilibréiert Lëscht aus Erfarung an neien Denkustéiss, déi sech engagéieren d'Interessi vun den Eisebunner:innen di kommend Joer ze vertrieden an ze verteidegen.

### Wat d'SYPROLUX-Vertrieder ereescht hunn:

- d'Aféiere vun Tableaux de Service, déi de Kolleeg:innen méi Planungssécherheet a méi gereegelt Aarbechtszäite garantéieren
- e konstante Suivi iwwert d'Handhabung vun den Tableaux de Service
- d'Aféiere vun der Filière spécialisée « régulateur sous-station »
- Bedeelegung um CFL-Campus fir d'Ausbildung vun MI-Beruffer
- eng Optimiséierung vun der Iwwerwaachung vun de Zertifikatiounen am Klammberäich
- Erneierung vum Fuerpark vun den Déngschtgefierer mat entspriechender Ausrüstung mat Aarbechtsmaterial
- kloer Bestëmmungen a punkto Camionsführerschäin (Fuerzäiten, Tachygraf)
- d'Mataarbechter:innen kruten Aarbechtskleedung vu besserer Qualitéit
- d'Mataarbechter:innen ginn iwwert d'Woch mat frëschem Uebst beliwwert
- fir d'Kolleeg:innen aus dem administrative Beräich gouf den Horaire mobile an de Teletravail agefouert
- d'Zäitspuerkonte goufen agefouert
- eng zäitno Informatioun mat allen abléckleche Mesurë wärend der Pandemie